RTL 28.11.2017

VIDEO: Pro-Sud

# Numm fir Kulturhaaptstad soll ganz Südregioun abannen

Fir d'europäesch Kulturhaaptstad 2022 muss een en Numm fannen, deen all d'Gemengen aus der Südregioun mat abënnt.



Pro-Sud/Reportage Claudia Kollwelter

Dat gouf bei der leschter Comité- Sëtzung vu Pro-Sud an där Form festgehalen. Donieft gouf awer och betount, datt et wichteg ass, sech als Südregioun e Kultur Entwécklungsplang ze ginn. Bei där Strategie, déi d'Gemenge sech all zesumme solle ginn, ass natierlech d'europäesch Kulturhaaptstad 2022 ee Standpunkt, ma et soll awer och doriwwer erausgoen.

Nieft der lokaler Kulturpolitik, déi d'Gemengen aus der Südregioun maachen, sollen dës sech an Zukunft och e regionalen Aspekt ginn. Dës Strategie soll parallel mat dem Projet vun der Kulturhaaptstad 2022 lafen, erkläert de President vu Pro-Sud Dan Biancalana. Déi Strategie soll och duerno weiderlafen.

Am Visuellen an am Numm misst d'Südregioun als e Ganzt zum Virschäin kommen, betount den Coordinateur General vum Projet, Andreas Wagner. E puer Iddien ginn et schonn: Minett wier ze kuerz. Ma et kéint een d'Populatioun froen, wat si denkt, wat ee gudden Numm wär.

President vun der Asbl gëtt den neien Escher Buergermeeschter Georges Mischo - eng vu villen Etappen, déi op d'Asbl duerkënnt. Et misst ee sech elo Strukture ginn an d'Konventiounen tëscht de Gemengen an dann tëscht der Struktur an dem Kulturministère verhandelen.

D'Equipe ronderëm d'Kulturhaaptstad an 5 Joer muss dann och vergréissert ginn, 8 Leit sollen heifir agestallt ginn.




http://www.rtl.lu/kultur/1100972.html